



# SÉANCE 5

JEUDI,  
21 OCTOBRE 2010

Présidence: M. Laurent Mosar, Président • Mme Anne Brasseur, Doyen

## Sommaire

1. 6136 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Bosnie-et-Herzégovine, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 16 juin 2008 (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
2. 6156 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Serbie, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 avril 2008 (suite)
  - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
3. Débat d'orientation n°6193 sur le financement des grands projets d'infrastructures réalisés par l'État  
Débat d'orientation sur les projets d'infrastructures
  - Exposé: M. Fernand Boden (dépôt d'une motion)
  - Débat: M. Fernand Boden, M. Fernand Etgen (dépôt d'une motion), M. Roger Negri, M. François Bausch, M. Gast Gibéryen, M. André Hoffmann, M. Lucien Clement, M. Ben Fayot
  - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
  - Vote sur la motion 1 (adoptée)
  - Motion 2: M. Jean-Louis Schiltz
  - Vote sur la motion 2 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouve: M. Claude Wiseler, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

► **M. le Président.** - Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

### 1. 6136 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la Bosnie-et-Herzégovine, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 16 juin 2008 (suite)

Da kéime mer elo fir d'Alleréischt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6136.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss. D'Resultat ass folgend: 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6136 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali KAES, Marc Lies (par M. Marcel Oberweis), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Félix Eischen), Lucien Weiler (par Mme Christine Doerner), Raymond Weydert (par M. Lucien Clement) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Lucien Lux), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand

Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidément.

### 2. 6156 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de stabilisation et d'association entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République de Serbie, d'autre part et de l'Acte final, signés à Luxembourg, le 29 avril 2008 (suite)

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6156.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi 6156 ass ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali KAES, Marc Lies (par Mme Martine Mergen), Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf,

Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marcel Oberweis), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter;

MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Alex Bodry (par M. Lucien Lux), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand

Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidément.

Um Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer eng Orientéierungsdebbatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Stat an eng Orientéierungsdebbatt iwwert d'Infrastrukturen, déi mer zesummen an enger Diskussion behandelen. D'Riedezäit ass hei nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschrifwenn: déi Hären Etgen, Scheuer, Bausch, Gibéryen, Hoffmann a Fayot. Als Éischt héiere mer de Rapporteur vun der Orientéierungsdebbatt N°6193, den honorabelen Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

### 3. Débat d'orientation n°6193 sur le financement des grands projets d'infrastructures réalisés par l'État

#### Débat d'orientation sur les projets d'infrastructures

Exposé

► **M. Fernand Boden** (CSV), rapporteur. Här President, léif Kolleginnen a Kolleegen, no 2006, 2007, 2008 an 2009 fënnt déi Kéier elo fir déi fénnefte Kéier schonn den Débat statt iwwert de Finanzement vun de groussen Infrastrukturprojeten, déi vum Stat realiséiert ginn.

D'est Joer - den Här President huet et elo grad gesot - gëtt déisen Débat erweidert zu enger méi wäitgehender Debatt iwwert déi grouss öffentlech Infrastrukturprojeten, déi an de leschte Joren hei vun der Chamber gréng Luucht kritt hunn, fir d'Planung virunzedreiwen oder ze realiséieren.

Dès Debatt ass vun der CSV-Fraktiou gefrot ginn, fir en Iwwerbléck ze kréien iwwert de Fortgang vun deen einzelne Projeten a fir hei an der Chamber seng Meenung dorriwwer kënnen auszedrécken. De Statsminister hat jo d'lescht Joer, d'est Joer - pardon - de 5. Mee a senger Ried zur Lag vun der Natioun kloer Positioun bezunn an och ugekënnegt, datt aus budgetäre Grénn och bei den öffentlechen Investissementer misst agespuert ginn. An hien hat och d'Stoussrichtung vun dése Spuermooosname virgin.

Fir dës Debatt besser ze erméiglechen, huet de Minister Claude Wiseler der Chamberskommissioun en Dossier zougestallt a virgestallt iwwert de Stand vun de Planunge vun deen einzelne Projeten. Ech soen dem Minister a senge Beamte villmools Merci fir déi gutt an déi zuvorkommend Zesummenarbecht mat eiser Chamberskommissioun, an dat iwwregens net némmen an dësem Dossier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laang Joren ass an der Chamber an och an der Regierung dríwwer diskutéiert ginn, wéi d'Plangen an de Bau vun de gréisseren Infrastrukture vum Stat méi schnell, méi transparent an och méi einfach kéinte gestalt ginn, ouni awer d'Matsproocherecht vun der Chamber, d'Kontrollrecht vun der Chamber ze beschneiden.

Wéi Der all wësst, gouf Enn 2006 eng nei Prozedur déi éischté Kéier applizéiert, sou datt ech se net nach eng Kéier muss hei am Detail ernimmen. Ech erlabe mer awer kuerz drun ze erënneren, datt mer am Abrëll vum leschte Joer e puer Ännérungen ubruecht hunn, op déi ech kuerz wéll agoen.

De Finanzierungsseuil vun de Projeten, déi der Nohaltegeekskommissioun all Joer presentéiert ginn, ass nämlech du vu 7,5 Milliouen op zéng Milliouen eropgesat ginn. D'Députéiert, déi mat deem engen oder anere Projet net averstane sinn, hunn d'Méiglechkeet kritt, fir dëst an enger separater Motioun niewent dår allgemeiner Motioun festhalen ze loessen.

Well awer och émmer erëm Urgencë virkommen, déi ee mam beschte Wëllen net ka laang virausgesinn, ass d'Autorisatiounsprozedur och e bësse méi flexibel gemaach ginn. D'Chamber kann elo am Laf vum Joer duerch eng Motioun hir Autorisatioun gi fir d'Ausschaffung vun Etüden a Pläng vu spezifische Bauprojeten. Also, dat kann och am Laf vum Joer geschéien.

Wat elo soss d'Matsproocherecht, d'Kontrollrecht vun der Chamber ubelaangt, bleift et esou, datt fir Projeten, déi méi wéi 40 Milliouen Euro kaschten, all Kéiers e spezifische Projet de loi muss ausgeschafft an hei vun der Chamber gestëmmt ginn.

Wat de finanzielle Suivi vun de Chantieren ueget, déi schonn amgaange sinn, ass et sät et puer Joer schonn esou, datt de Minister all sechs Méint an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire d'Entwicklung vum Chantier presentéiert. Dëse Modus vivendi soll och bai-behale ginn, mä e soll sech net némmen op déi Projete vun engem Impakt vun iwwer 40 Milliouen Euro begrenzen, mä och fir all Projet iwwer zéng Milliouen Euro gëllen.

De Minister huet sech och bereet erkläert, fir déi fir d'Infrastrukturen zoustänneg Kommissioun regelméisseg iwwert de Weidergang vun de Projeten ze informéieren, déi méi wéi zéng Milliouen Euro kaschten a fir déi fir d'Ausschaffung vun Etüden a Pläng eng Autorisatioun vun der Chamber komm ass.

Dir gesitt, dës Ännérunge vun der Prozedur erlaben eis eng méi grouss Flexibilitéit. D'Regierung kann am Noutfall méi séier reagéieren, an trotzdem huet d'Chamber nach déi néideg Kontroll iwwert dat Ganzt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem kuerzen Exkurs wëll ech dann awer elo op d'Lëscht vun der Projeten agoen, déi den Nohaltegeekskommissioun vun der Kommissioun dést Joer virgestallt huet. D'Chamberskommissioun huet all eenzelne Projet vun der Lëscht analyséiert an och diskutéiert. Ech wëll d'Virstellung vun de Projete méiglechst kuerz halen, well Dir kënt all weider Detailer a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Fir d'Éischt kéim ech un d'Verwaltungsgebai fir d'Police grand-ducale um Verluerekascht. D'Konzept gesäßt engersäits vir, dat bestehend Gebai, dat eng Fläch vu ronn 10.000 m<sup>2</sup> huet, ze réaménagéieren, an anersäits de Bau vun enger Extension vun 10.500 m<sup>2</sup>. An deenen also insgesamt ronn 20.500 m<sup>2</sup> sinn all déi néideg Facilitéiten an Ausstattunge virgesinn, déi d'Police esou brauch, vu Büroen iwwer Logistik, eng Kantin bis hin zum Parking. Am Budget si 25 Milliouen Euro virgesinn, och fir d'Aménagements extérieurs mat abegraff.

Ech wëll drun erënneren, datt den éischté Projet 200 Milliouen hätt solle kaschten. Dunn ass awer décidéiert ginn, en Deel vun de Servicer vun der Police grand-ducale an de Findel-Businesscenter ze verleeën, sou datt hei dach vill Sue konnten agespuert ginn.

Beim zweete Projet, deen ech elo virstellen, handelt et sech ém d'Nationalbibliothéik um Kierchbierg. Ech mengen, net némme kulturinteresséiert Leit hu mëttlerweil matkritt, datt déi aktuell Infrastrukture vun eiser Nationalbibliothéik de Besoiné guer net méi entspriechen an datt hei dréngenden Handlungsbedarf besteet.

Wa mer eng performant Nationalbibliothéik wëllen a mer net wëllen, datt vill Bicher, déi e Bestanddeel vun eiser nationaler Kultur sinn, einfach verkomme ge-